DEMOKRATESCH PARTEI

# ZUKUNFT OP LËTZEBUERGESCH

# WALPROGRAMM DP
# WIRTSCHAFT & FINANZEN

Pressedossier

# Mëttelstand stäerken, Bierger gerecht entlaaschten

## De Lëtzebuerger Erfollegsmodell weiderdenken

D'Lëtzebuerger Wirtschaft huet sech gutt vun de Krisejoren erholl. De Wirtschaftswuesstem wäert dëst Joer bei 3,8% leien. Iwwer déi lescht 4 Joer läit de Wuesstem domat am Duerchschnëtt bei 3,5%. Dat ass méi niddreg wei an den zwanzeg leschte Jore virun der Weltfinanzkris vun 2008 wou Lëtzebuerg ëm 5% gewuess ass.

Den aktuelle Wirtschaftswuesstem huet och seng Auswierkungen op d'Situatioun um Aarbechtsmaart. De Chômage ass vu 7,1% am Joer 2013 op elo 5,5% zeréckgaangen a läit domat weider op deem niddregste Stand zanter dem Abrëll 2011. D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg e staarke Wuesstem brauch, fir säi generéise Sozialsystem ofzesécheren. **D'DP wäert dofir d'Zukunftsstrategie fir eist Land weiderentwéckelen an dobäi op e laangfristegen an nohaltege Wirtschaftsmodell setzen**. D'DP wëll ee verantwortleche Wuesstemsmodell fir eist Land opbauen, deen sech och senger sozialer Verantwortung bewosst ass an deen d'Leit un de Friichte vum wirtschaftlechem Erfolleg deelhuele léisst. Dat erfuerdert een Ëmdenken.

Den digitale Wiessel an déi klimaschutzbedéngten Ëmstellung op erneierbar Ressource wäerten nämlech Verännerungen an der Ekonomie an an der Gesellschaft mat sech bréngen. Mir setzen op innovativ a kreativ Modeller, mat deene mir jonk Entreprisen, de klassesche Mëttelstand an Investisseuren an zukunftsfäege Beräicher ënnerstëtzen. Dobäi gesi mir d'Digitaliséierung als Chance, déi mer responsabel an am Sënn vun de Mënschen notze wëllen. Doduerch gëtt dann och d'Produktivitéit gehéicht an den nohaltege Wuesstem kann geséchert ginn, och mat manner Bevëlkerungswuesstem.

D'DP wëll méi mat manner. Mir wëlle Wuesstem awer mat manner Ressourcen. Mir wëlle méi Qualitéit mat manner Quantitéit. Fir wëllen eng nohalteg an intelligent Standuertpolitik :

Dat ass fir eis "Zukunft op Lëtzebuergesch".

## Wann et dem Land gutt geet, da soll et och de Bierger gutt goen

**Déi steierpolitesch Entlaaschtung vun de Mëttelschichte bleift e wichtegt Uleies vun der DP.** Ënnert dem DP-Finanzminister goufen d'Staatsfinanzen an der lafender Legislaturperiod Schrack fir Schrack sanéiert. Déi virsiichteg a responsabel Budgetspolitik huet et méiglech gemaach fir aus dem Defizit vun 350 Milliounen, en Iwwerschoss vun 850 Milliounen am Gesamtstaat ze generéiert. Domat huet een sech de néidege Sputt geschaf fir 2017 eng ëmfaassend Steierreform ëmzesetzen, déi fir méi Steiergerechtegkeet a fir eng Entlaaschtung vun de klengen a mëttleren Akommes gesuergt huet. D'Bierger sinn am Ganzen an Héicht vun iwwer 300 Milliounen Euro d'Joer entlaascht ginn. D'Steierreform huet domat d'Kafkraaft vun de Bierger gestäerkt, de Mëttelstand entlaascht an d'Elengerzéier geziilt ënnerstëtzt.

Fir op e verännert internationaalt Ëmfeld ze reagéieren an d'Konkurrenzfäegkeet vun den Entreprisen z'erhéijen ass och de Saz vun der Kierperschaftssteier vun 21% op 18% erofgesat ginn. Kleng Betriber hunn esouguer vun enger Steierbaisse vun 20% op 15% profitéiert. Dës Reduktioun war och néideg well d'Besteierungsbasis vun den Entreprisen duerch d'Reforme vun der OCDE a vun der EU méi breet gëtt.

**D'DP wäert och an Zukunft d'Bierger an d'Entreprisen iwwer Steierentlaaschtungen um Succès vun eisem Land bedeelegen.** Opgrond vun där gudder Finanzsituatioun kënne mir weider Entlaaschtungen am Sënn vun de Bierger ëmsetzen. An och d'Entreprise – zemol déi kleng- a mëttelgrouss – sollen zousätzlech steierlech entlaascht ginn, fir hir Konkurrenzfäegkeet esou ze stäerken.

# Fir eng modern a gerecht Steierpolitik

**Wann et de Leit gutt geet, da muss et och de Bierger am Land gutt goen.** D'Steierreform vun 2017 huet haaptsächlech déi kleng a mëttel Gehälter entlaascht an doduerch de Mëttelstandsbockel staark ofgeflaacht. Dat ass gelongen doduerch datt den „crédit d'impôt des salariés (CIS)" an de „crédit d'impôt des pensionnés (CIP)" vun 300€ op 600€ eropgesat goufen, also verduebelt gi sinn. De „crédit d'impôt monoparental (CIM)" ass vun 750€ op 1.500€ verduebelt ginn. Neierdéngs sinn déi Steierkreditter degressiv jee nom Gehalt an duerfir sozial gerecht ginn. Et war also eng gerecht Steierreform, vun där bal all Mënsch profitéiert huet.

**D'Steierreform 2017 war finanzéierbar**. Dat weisen d'Konte vun 2017 a och d'Budgetsexecution vun 2018. Duerfir ass eng weider Entlaaschtung vun de Bierger méiglech souguer wënschenswäert. De Steierkredit kann do nach eng Kéier ee ganz sënnvollt Instrument sinn, grad fir och d'Elengerzéiend an d'Famillje mat Kanner speziell z'entlaaschten.

- **Steiersystem op de Leescht huelen:** Vun eisem aktuelle Steiersystem profitéieren den Ament virun allem bestuete Koppele mat engem Elengverdénger. De Splitting kënnt nach aus Zäiten, an deenen d'Rollen tëscht Mann a Fra anescht verdeelt waren. Déi traditionell Rolleverdeelung an engem Bestietnis entsprécht awer net méi der gesellschaftlecher Realitéit. **D'DP setzt sech dofir fir en neutrale Steiersystem an**, onofhängeg dovunner op wéi eng Manéier d'Leit zesummeliewe wëllen. D'DP wëll dofir Steiervirdeeler och no an no vun engem Trau- oder engem Pacs-Schäin lassléisen an dofir un d'Persoun koppelen. Dëst wäert eise Steiersystem net nëmmen un d'Realitéite vun haut upassen, mä en virun allem och méi sozial gerecht maachen.

- **Individuell Besteierung ustriewen:** D'Individualiséierung vun der Steier ass eng generell Tendenz a Europa, duerfir war et héich Zäit datt och Lëtzebuerg et optionnel agefouert huet. Mir waren ee vun de leschte Länner, déi dat nach net haten. Déi fräiwëlleg Individualiséierung vun 2017 ass eng éischten Etapp um Wee zu engem System, an deem déi individuell Besteierung – och bei bestueten a gepacste Koppele –

Schrack fir Schrack verallgemengert gëtt. Dëst huet zousätzlech Flexibilitéit an eise Steiersystem bruecht an passt zu enger zäitgeméisser Familljepolitik, an där dat traditionellt Familljebild net méi déi eenzeg Form um Zesummeliewen ass. **D'DP wäert de Wee zu enger individueller Besteierung konsequent weidergoen an dofir suergen, datt kee méi schlecht ewech kënnt.**

De Steierkredit, deen haut gestaffelt a sozial gerecht ass, kann an deem Kontext eng wichteg Roll spillen. De Model vun der Individualiséierung wäert och mussen a Betruecht zéien, wien d'Suergerecht vun de Kanner huet. Mat dëse Garantië ka mëttelfristeg envisagéiert ginn, datt eng eenzeg Steierklass ka geschafe ginn. Duerfir muss de Steierbarème komplett iwwerduecht ginn. Dës Reform muss weiderhin haaptsächlech den Elengerzéiende, mä och de Celibatairen, déi haut steierlech net esou gutt do stinn, entgéint kommen. D'Individualiséierung dréit och duerzou bäi, datt et mëttelfristeg net méi zu Ëmklasséierunge kënnt, wann de Partner stierft. De Problem gëtt och esou definitiv geléist.

- **Upassunge bei der Ierfschaftssteier:** D'DP huet sech agesat fir dat d'Diskriminatioun vun de Koppelen ouni Kanner am Ierfschaftsrecht ophéiert. Dat ass am Budgetsgesetz 2017 geschitt. Fir d'DP bleift strikt géint eng Besteierung vun der Ierfschaft an der direkter Linn. D'DP wëllt d'Besteierung an indirekter Linn der Inflationsentwécklung upassen.

# Fir eng kompetitiv an nohalteg Wirtschaftspolitik

Zanter 2014 dréint d'Ekonomie nees. Dëse Wirtschaftswuesstem berout engersäits op der gudder internationaler Konjunktur, ma och op enger konsequenter Wirtschafts- a Standuertpolitik. D'DP-gefouert Regierung huet déi lescht fënnef Joer ë.a. zur Weiderentwécklung vun zukunftsorientéierte Wirtschaftsbranchë bäigedroen. Dat sinn z.B. d'Digitalindustrie, d'Fintech, déi gréng Finanzen, de Spacemining, oder d'Logistik. **D'DP wäert d'Diversifikatioun vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg virundreiwen an dobäi eng Cluster-orientéiert Approche an de Virdergrond stellen a besonnesch op d'Kompetitivitéit vun de Betriber an op d'Nohaltegkeet vum Wuesstem setzen.** Mir wëllen dofir ee Modell, deen sech net nëmmen op déi wirtschaftlech Aspekter fokusséiert, mä deen och de Faktor Mënsch a Betruecht zitt. D'DP wëll ee Modell, deen och deenen zegutt kënnt, déi hei liewen an déi hei schaffen.

- **Diversifikatioun vun eiser Ekonomie weiderféieren:** D'DP setzt op d'Entwécklung vu Wirtschaftsbranchë mat engem héije Méiwäert a mat enger grousser Innovatiounskraaft. An dësem Beräich wäert d'DP geziilt Betriber op Lëtzebuerg zéien. Gréng Technologie, d'Digital- an d'Kreativwirtschaft, z.B. am Beräich vun der Cyber-Sécherheet, wäert d'DP geziilt fërderen. Dat verstäerkt eis Clustere vun der Finanzplaz an dem IT.

- **Globale Steiertaux no ënnen upassen:** „Esouvill Entlaaschtung wéi néideg, awer net méi wéi méiglech“. De Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg muss steierlech attraktiv bleiwen, fir den Entreprisen d’Schafe vun Aarbechtsplazen a vun Innovatiounen z’erlaben. D'Entwécklungen op OECD-Niveau wäerten d’Besteierungsbasis vun den Entreprisen erweideren. Mat engem Taux d'affichage vu 26,1% wieren eis Betriber net méi kompetitiv. **D’DP wäert dofir de globale Steiertaux dem Duerchschnëttstaux vun den OECD- a EU-Länner no ënnen upassen.** Dëst erlaabt eise Betriber mat der internationaler Konkurrenz matzehalen a stäerkt zousätzlech d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg. D’Steiererliichterunge fir Betriber mussen etappeweis a gläichzäiteg mat de Steierreduktioune fir d’Bierger geschéien. D’Gesondheet vun eise Staatsfinanzen dierf dobäi awer op kee Fall a Fro gestallt ginn. Am Moment sti mir ganz gutt do, wéi jo nach dëse Weekend e puer Ratingsagencë mat der Confirmatioun vum AAA bestätegt hunn.

- **Ëffnungszäite liberaliséieren:** Internet-Betriber hunn 7 Deeg d’Woch a 24 Stonnen de Dag op. D’DP wäert dem Handel zu Lëtzebuerg, mat senge 50.000 Beschäftegten, d’Méiglechkeet ginn, fir sech dem verännerte Kafverhale vun de Leit unzepassen. All Geschäft soll selwer decidéiere kënnen, wéini et op- an zoumécht. D’DP wäert an deem Sënn eng generell Liberaliséierung vun den Ëffnungszäiten am Commerce – am Respekt mam Aarbechtsrecht – ëmsetzen.

- **Dezentral Aarbechtsplaze schafen**: D’DP wëll d’Aarbechtsplaze bei d’Mënsche bréngen, an net ëmgedréint. D’DP wäert d’Wirtschaftszone laanscht d’Grenzen ausbauen. Entreprise sollen encouragéiert ginn, fir Succursale baussent der Stad Lëtzebuerg z’implantéieren. Dat erspuert besonnesch de Frontalieren Zäit fir op d’Aarbecht ze kommen. Doriwwer eraus wäert d’DP „*Open-Office*”-Strukturen an de Grenzregioune schafen, wou Entreprise sech kënne Büroen deelen.

- **Kreeslafwirtschaft lancéieren**: D’DP wäert eng innovativ Kreeslafwirtschaft férderen, fir Produiten a Ressourcen esou laang wéi méiglech ze notzen. Offall soll an Zukunft als Ressource betruecht ginn. D’Reparatur, de Recyclage an den Up- oder Re-Cycling vu Produite muss fir d’DP zur Reegel ginn. D’DP wäert dofir d’Kaderbedéngunge fir eng Kreeslafwirtschaft verbesseren, déi fonctionnéiert. D’DP plangt z.B. e superreduzéierten TVA-Taux, fir d’Reparatur vun Alldagsprodukter. Och de Geschäftsmodell vu „Prosumer“ sollen ënnerstëtzt ginn, d.h. Konsumenten, déi gläichzäiteg als Produzent optrieden.

# Fir e staarken an innovative Mëttelstand

Eis Ekonomie besteet aus 32.000 klenge a mëttelgrousse Betriber. Si all zesumme ginn 210.000 Leit hei zu Lëtzebuerg eng Aarbecht. Dat wier bal all zweete Resident hei zu Lëtzebuerg.

Fir d'DP ass de Mëttelstand d'Réckkräiz vun eiser Ekonomie, deen net nëmmen Aarbechtsplaze schaaft, ma och fest an eisem Land verwuerzelt ass. **D'DP wäert dofir besonnesch déi kleng a mëttel Betriber weider ënnerstëtzen**.

- **Nationalen Aktiounsplang ëmsetzen:** Dee vun der DP-gefouerter Regierung a vu Wirtschaftsvertrieder ausgeschafften, véierten Nationalen Aktiounsplang fir kleng a mëttel Betriber wäert d'DP esou séier wéi méiglech a konsequent ëmsetzen.

- **Kleng a mëttelgrouss Betriber zousätzlech entlaaschten**: D'DP wäert Betriber mat enger begrenzter Zuel u Salariéen an Ëmsaz duerch eng weider Baisse vun der Kierperschaftssteier geziilt entlaaschten.

- **Bürokratie ofbauen**: Kleng a mëttel Betriber hunn dacks net déi néideg Ressource, fir sech mat de komplizéierte Reegelen a Virschrëften ausenanerzesetzen. D'DP wäert den Ofbau vun der Bürokratie ënnerstëtzen. Bei den neie Gesetzer wäerte mir de Prinzip vum „think small first" applizéieren.

- **Plaz fir mëttelstänneg Betriber schafen**: D'DP wäert dofir suergen, datt genuch Terraine fir mëttelstänneg Betriber an den Aktivitéitszonen disponibel sinn.

- **Finanziell Ënnerstëtzunge fir Betriber reegelméisseg upassen**: D'DP wäert d'Auswierkunge vun de Reformen op d'Investissementer vun de Betriber genee analyséieren an de Support wann néideg erhéijen. Och privat Investitiounen an d'Recherche an an d'Innovatioun solle méi ënnerstëtzt ginn.

- **Grënnerkultur stäerken**: Fir d'DP solle Courage a Leeschtung belount ginn. D'Geschäftsiddie vun haut schafen d'Basis fir Aarbechtsplazen a wirtschaftleche Succès vu muer. D'DP wëll dës Kultur dofir zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen.

- **Investitioune vu Privatleit a Start-Ups fërderen:** Fir jonken, innovative Start-Upen den Zougang zu Finanzmëttel z'erliichteren, wäert d'DP steierlech Vergënschtegunge fir esou Investissementer aféieren.